Asbl. De Samariter

Mir sinn eng lëtzebuerger Hëllefsorganisatioun a wiirken ënnert dem Numm „De Samariter".

Mir sinn eng A.s.b.l. gegrënnt 1995 an enregistréiert ënnert der Nummer „TVA n° 1995 61 01517"

Eis Statutten fand Dir am Memorial um Internet.

D'Adress vum Samariter ass : 10, rue des Forgerons L-3583 Dudelange.

Den Dépôt ass an der: rue Jean Berchem zu Diddeleng.

Finanzéiert gi mir vu Spenden, déi awer nëmmen ee klengen Deel vun eisem Budget ausmachen, de Gros finanzéieren mir privat, inoffiziell zesumme mat eiser Famill, Frënn a Bekannten.

Mir hu bis elo ronn 100 Hëllefstransporter an d'Ukraine an a Rumänien organiséiert.

Zu engem großen Deel ginn d'Hëllefstransporter vun de jeweilegen Adressaten finanzéiert. Beispill: op L'viv an der Ukraine gi si vun enger amerikanescher Kiirch finanzéiert. Fir Odessa si se vun engem Politiker finanzéiert ginn asw. Dat sinn all Kéier déi ganz grouss Fernlaster. Mir selwer, mäi Mann an ech, hunn de Camionsführerschäin an fueren ee klenge Camion, gesponsert vun der Post. Duerch d'Sympathie vum Här Marcel Gross, Direkter vun der Post, deen ee Schoulkolleg vun eis ass, si mir vun Ufank un mat Camion/en a Camionetten fir de symbolesche Frang ënnerstëtzt ginn.
Vun 1993-2007 ware mir mat eisem Siège an Dépôt op der Arbed zu Diddeleng. Hei hate mir een 1 000 m² groußt Lager a konnten un dräi verschidden Transporter zugläich schaffen – fir ee Loyer vun 25€ d'Joer. Zu där Zäit hu mir Kliniken ënnerstëtzt, eng Maternité zu Odessa opgeriit, asw. Leider ass des Ära duerch Arcelor-Mittal eriwwer.

Mir hunn 1995 mat der Ukraine ugefaang an 2002 ass **Rumänien** bäikomm.

Firwat Nima a firwat Zigeiner?

Dat ass eng Geschicht fir ze erzielen awer net fir a kuerze Wieder ze schreiwen.

Mech interesséieren vu Kand un Leit, déi um Rand vun eiser Gesellschaft liewen.

Zu Turda a Rumänien hat ech 2004 Erliewnisser mat Zigeinerkanner an een Zigeinermeedchen huet mäin Häerz besonnesch beréiert, mech nach méi un d'Nodenke bruecht wéi dat bis dohin de Fall war. Een Zigeinermeedchen vun 10/11 Joer ass den Ausléiser fir mäi Projet zu Nima.

Dorop hin hun ech mat mengem Mann zesummen privat een Haus op engem Grondsteck zu Nima kaaft a mir hu beschloss eppes **fir Zigeiner- a Strooßekanner** ze maachen.

Lues a lues huet déi Saach Konture kritt an **2012 ass d'Ouverture vun engem Foyer de jour mam Ziel datt am Laf vun der Zäit ee Kannerduerf hei entsteet.**

2006 hun ech **eng Hëllefsorganisatioun a Rumänien ënnert dem Numm „Asociata Luxsamariteanul“** gegrënnt – agedroen NR TOPO 529/5/1/2/3/1

Alles ass notariell beglaubegt an d'Haus mam Grondsteck ass mëttlerweil un d'rumänesch Asociata Luxsamariteanul iwwerschriwwen. All eis Weeër si korrekt an no de rumänesche Gesetzer ausgefouert. Alles ass beim Notär zu Dej fest geluegt.

Eise Schwerpunkt sinn: de Foyer du jour ze Nima an d'Ënnerstëtzung vun den Zigeiner,(Isolatioun vum Wanterlager a klenge Heiser) niewebäi lafen eis Hëllefstransporter och weider.

Sou soll de Foyer 2012 ausgesinn: